


newsmag

N 260 | AVRIL 2021

Bulletin bilingue | Zweesproochege Buet



Index

Eis Gemeng. Notre Commune.

Awunner | Habitants | 11.221

Gesamtfläch | Superficie | 771 Ha

Personal | Personnel | 255

Fraen | Femmes | 150

Männer | Hommes | 105



Éditeur responsable

Administration communale de Schifflange

Rédaction

Service des citoyens et de la communication

Images et Illustrations

Service des citoyens et de la communication | Tom Di Maggio

Layout, Conception

 MOSKITO

Impression

Imprimerie Heintz

Tirage

4.800 exemplaires

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du bourgmestre	04
Zesummesetzung vum Gemengerot Composition du Conseil communal	06
Retrospektiv Rétrospective	08
Exposition Florence Hoffmann	09
Internationale Fraendag	11
Nei Gefierer fir eis Gemeng	12
Neiegkeeten Nouveautés	14
Fotoconcours: "Schéffleng am Fréijoer"	15
Eis aktuell Chantieren	16
Esch2022 et le développement durable	18
Wäschstatioun fir Vëloen zu Schéffleng	20
Youth Mag	
Save the Date	22
Verschiddenes Divers	24
Recensement de la population 2021	25
Commande de bois de chauffage	27
Impfcampagne: Den Office Social hëllef lech	28
Die Polizei informiert	29
Info Sexting	30
Minett UNESCO Biosphère : les journées de la biodiversité	31
Info Päiperlekaktioun Stauden Sicona	32
Info Clever Akafen	34
Info Batterien & Akkus	38
Info Ampoules LED	39
Gemengerotssëtzung Réunion du Conseil communal	40
Politik Politique	48



Paul Weimerskirch
Buergermeeschter | Bourgmestre

Chères concitoyennes, Chers concitoyens,

FR — Vivre avec le Covid-19, risques et chances,

Il serait temps que la pandémie de COVID-19, qui a changé la vie de nous tous, prenne fin et que la normalité revienne.

En ces temps de grandes incertitudes, il est plus important que jamais de faire preuve de solidarité et de garder un état d'esprit positif.

Depuis les derniers mois, rien n'est plus comme avant, mais le bilan de la Commune est malgré tout positif et de nombreux projets sont en cours de développement.

Le projet de la zone d'activité économique «Op Herbett» avance bien, l'école et la maison relais provisoires deviennent peu à peu une réalité et les travaux de construction des nouveaux locaux pour l'office social débuteront dans quelques semaines. En ce qui concerne la Maison «A Kassen», dans laquelle sont entre autres prévus des logements pour des mères célibataires et leurs enfants, des commerces, ainsi qu'un centre médical, la procédure administrative s'est achevée et les plans peuvent être mis en œuvre.

Notre Commune vise un développement durable et orienté vers l'avenir. Un plan directeur en est la ligne directrice et un outil indispensable.

Lors de différents ateliers dans le cadre du développement du «Masterplang Schëffleng», de nombreux citoyens ont mené des discussions pertinentes avec des experts, lors desquelles l'imagination et le réalisable ont été mis en balance, et ce dans les domaines du développement urbain, de la mobilité, des infrastructures et des constructions.

En raison de la crise sanitaire, le collège échevinal a décidé de présenter les premiers résultats du plan directeur en petit comité et de diffuser la réunion via livestream. Le plan directeur n'est cependant pas encore achevé et le conseil communal en discutera lors d'une prochaine séance. De même, chaque citoyen, ainsi que les associations locales auront la possibilité d'aviser le dossier, car l'approche participative reste toujours une composante importante.

Je vous invite dès lors à participer au processus du développement du «Masterplang Schëffleng», car le succès de ce projet nécessite un large consensus .

Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger,

LU — Liewe mam Covid-19, Risiken a Chancen,

Jo, et gëtt Zäit, datt mir déser Pandemie lassginn, datt mir nees e Stéck Normalitéit spieren, datt mir nees matenee feieren, spiller, musizéieren an zesumme méi freedeg a glécklech Momenter erlieweren.

Allerdéngs geet dat net vum selwen a mir bleiwen alleguer, jo jidder Eenzelen, gefuerdert mat Responsabilitéit a mat Solidaritéit alles ze énnerhuele fir déi sanitär Kris ze meeschteren. An dat trotz enger gewësser Middegkeet, verbonne mat Ängschten a Suergen èm déi weider Zukunft.

Mee de Kapp an de Sand stiechen ass keng Lösung. Méi ewéi je un der Zäit, fit mat Courage, Enthusiasmus an Optimismus no vir ze kucken.

A genee dat maache mir als Gemeng. An de leschte Méint ass villes net esou gelaf ewéi gewünscht an awer ass de Bilan positiv. Wann och net esou séier ewéi erhofft oder geduecht, villes ass um Rullen.

Op ville Plazen an der Uertschaft lafe Chantieren, aner Projete sinn op de Schinnen, an eng Rei nei Baustelle ginn deemnächst opgemaach.

Schéffleng ass a Beweegung... eis Zone d'activité économique op Herbett kënnt op Touren, eis temporär Schoul- a Betreuungsinfrastrukture gi lues a lues eng Realitéit, de Bau vu neie Raimlechkeete fir den Office Social leeft an e puer Wochen un, d'Haus Kassen fir nei Wunnenge fir Mamme mat Kanner, fir nei Geschäfter an engem Centre médical huet déi

administrativ Prozeduren hannert sech an et dierfe geschwënn Neel mat Käpp gemaach ginn.

Eis Gemeng strieft eng nohalteg an zukunftsorientiert Entwécklung un, woubäi e Masterplang als indispensabelt Instrument a Ligne directrice soll déngen.

Am Kader vu Workshops ass virun enger Rei Méint dës Aarbecht, zesumme mat den interesséierte Bierger, ugelaſt. Duerno sinn intern Diskussioune gefouert ginn a mat Experte sinn d'Virstellung an d'Méiglechkeeten openeen ofgestëmmt, an dat an de Beräicher Stadentwécklung, Mobilitéit, Infrastrukturen a Bauten. Déi sanitär Kris huet d'Prozedur fir d'Resultater vun allen Iwwerleeungen der Ëffentlechkeet virzestellen erschwéiert. Dofir huet de Schäfferot kierzlech eng Presentatioun am klenge Krees an iwwer Livestream organiséiert fir éischt Elementer an e Bilan ze presentéieren. Domadder ass awer nach net alles ofgeschloss. Elo ginn d'Diskussioune weider, an de Gemengerot soll sech an enger éffentlecher Sitzung iwwer de Plan directeur an aner Parameter, déi direkt an indirekt mat deem Masterplang zesummenhänken, austauschen.

Allerdéngs och eis Veräiner, an all interesséierte Matbierger, sollen d'Méiglechkeet offréiert kréie fir désen Dossier ze aviséieren... hei gëtt net aus der Hëft erausgeschoss... hei ass a bleift déi participativ Approche e wichtige Bestanddeel.

Ech invitéieren lech elo schonns, lech an dëse Prozess aktiv anzebréng, well de Succès vun dësem Projet brauch e breede Konsens .

Zesummesetzung vum Gemengerot | Composition du Conseil communal



Paul WEIMERSKIRCH

Bürgermeister | Bourgmestre
(CSV)



Albert KALMES

Schöffe | Echevin
(DÉI GRÉNG)




Marc SPAUTZ

Schöffe | Échevin
(CSV)



Carlo LECUIT

Schöffe | Échevin
(CSV)



Camille SCHÜTZ

Gemeinderat | Conseiller
(DÉI GRÉNG)



Carlo FEIEREISEN

Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Idette CATTIVELLI

Gemeinderat | Conseiller
(DP)



Yves MARCHI
Gemeinderat | Conseiller
(CSV)



Rizo AGOVIC
Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Sven KILL
Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Nadine KUHN
Gemeinderat | Conseiller
(CSV)



Yves FIORELLI
Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Gilbert GODART
Gemeinderat | Conseiller
(CSV)



Vincent NOTHUM
Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Jérôme COURTOY
Gemeinderat | Conseiller
(LSAP)



Retro-spektiv

Eis Retrospektiv wërft èmmer e Bléck op dat, wat an der leschter Zäit un Aktivitéiten an der Gemeng gelaf ass.

Dacks huet dat, an déser spezieller Zäit, missen am klenge Krees sinn, well di sanitär Mesuren näischt anescht erlaabt hunn. Ganz frou si mir, datt eist "Schéfflenger Konschthaus" reegelméisseg Kënschtler begréissen däerf. D'Initiativ "les rues au féminin" ass och ervirzehiewen.



«UNEXPECTED»

Exposition de Florence Hoffmann


FR — Le samedi 27 février, l'exposition des œuvres de Florence Hoffmann a été inaugurée en présence du collège des bourgmestre et échevins, de l'artiste et ses hôtes et de plusieurs membres du conseil communal dans la galerie d'art « Schéfflenger Konschthaus ».

Au long du parcours artistique de Florence Hoffmann le livre a quasiment toujours été l'objet exclusif et, avec lui, toutes les attributions de sens que nous pouvons lui donner. Y compris le rapport de réciprocité qui existe entre l'homme et le livre, dans un processus de rencontre, d'échange, de manipulation, de formation et/ou de destruction.

En particulier, le thème de la culture en tant que nourriture pour l'esprit n'a jamais été plus adéquat que dans ces temps difficiles que nous vivons actuellement. La culture, vit et se propage à grande force, aussi par les biais du livre, et est en l'occurrence le leitmotiv de l'exposition actuelle.

La renommée de Florence Hoffmann est notable. Elle a collectionné des expériences, et souvent aussi des prix, dans des pays comme le Canada, le Mexique, l'Ukraine, la Thaïlande, la Corée, la Chine, le Japon, la Turquie, ainsi qu'au Luxembourg, l'Allemagne, la France et l'Autriche.

Depuis l'automne 2019, l'artiste a commencé à se confronter avec une recherche artistique qui aboutit à des modalités expressives toutes nouvelles, et qui, avec le temps, se révèlent tout à fait fidèles au concept de création autour du livre et avec le livre.



Les formes se présentent comme inhabituelles, principalement à un public, connaisseur de la «marque déposée» de Florence, basé principalement sur les volumes. En fait, tout au long de sa carrière, Florence Hoffmann est créatrice de sculptures indéniablement esthétiques, tout en gardant un aspect formel et un contenu important. Elle a la maîtrise de quasi toutes les matières et techniques: fer, neige, sable, marbre, pierre, bronze etc. Mais l'élégance marquante du mouvement de ses créations tridimensionnelles est parfaitement reproduite aussi dans ses toutes nouvelles toiles, sorties du choix conscient d'accepter le défi d'un espace à deux dimensions ainsi que dans son projet photographique.



Si l'intention de l'artiste était sûrement de provoquer le public, elle l'a fait par des formes dénuées d'agressivité. Bien au contraire, c'est à travers la couleur, le graphisme, le rythme, qu'elle nous a stimulé à nous perdre dans de beaux souvenirs. Elle a voulu nous suggérer de revivre les expériences de toutes les phases de la pandémie, de réfléchir sur ce qui a été prioritaire dans nos vies, à ce qui nous a manqué et à ce qui nous a sauvé.

Par ailleurs, nous vous invitons à découvrir la prochaine exposition du duo pétillant Patricia Lippert & Pascale Behrens.

Elle sera accessible au public du mardi 27 avril au samedi 22 mai 2021 à la galerie « Schéfflenger Konschthaus », du mardi au samedi de 10 à 13 heures et de 14 à 18 heures.

Des visites guidées individuelles ou à groupes restreints sont possibles. Pour d'éventuelles réservations, s'adresser à la galeriste Claudia D'Inca via téléphone **+352 621 638 393** ou via email **konschthaus@schifflange.lu**.

Internationale Fraendag

Dräi weider Stroosse krute bis Enn des Mounts e Fraennumm: Anne Frank (Biergstrooss), Florence Nightingale (Cité E. Mayrisch) a Sophie Scholl (Albert Wingert-Strooss).

LU Am Kontext vum internationale Fraendag, huet Schéffleng sech un der Initiativ "les rues au féminin" ee Projekt, dee vum CNFL organiséiert gouf, bedeelegt, andeems siwe Stroossen vum 8. Mäerz bis den 31. Mäerz, symbolesch den Numm vun aussergewéinlechen an engagierete Frae gedroen hunn.

Esou gouf zum Beispill Héidenger-Strooss an "Astrid Lulling-Strooss" émbenannt. D'Madamm Lulling war di éischt Schéfflenger Buergermeeschtesch, éischt lëtzebuergesch Europadeputéiert an no 34 Joer nees di éischt Fra an der Chamber. D'Héidenger-Strooss ass och net zouläffel erausgesicht gi fir hiren Numm ze droen. Vu Gebuert un bis 1978, huet d'Mme Lulling op Nr.: 14 an der Héidenger-Strooss gewunnt.

Mam Léonie Koullen (Gare-Strooss), Lydie Schmit (Belle-Vue Strooss) an Nelly Stein (CM Spoo-Strooss) gouf un dräi weider aussergewéinlech Schéfflenger Fraen erënnert. Haut sinn esouguer zwou Schéfflenger Schoulen no den Damme Lydie Schmit an Nelly Stein benannt, an d'Madame Koullen huet als Hiewan bis 1967 hei zu Schéffleng Kanner op d'Welt bruet.



Och de Choix vun dësen dräi Dammen ass net zouläffel. Mär kennen allegueren d'Geschicht vum Sophie Scholl a vum Anne Frank, an duerch hir Parallelen mat eise Resistenzler war et kloer datt si bei déser Initiativ sollten zu Éiere kommen.

Wat d'Florence Nightingale ugeet, déi éischt Kranke-schwëster, déi an der Krankefleeg zu hirer Zäit esou "revolutionär" Methoden wéi Hygiène, Steriliséieren, Lëften asw... agefouert huet, sou ass dës Dame, an eiser momentaner sanitärer Kris, méi wéi aktuell an nennenswäert am Kontext vum internationale Fraendag.

Obwuel dës Aktioun just e symbolesche Charakter huet, ass si sécherlech déi perfekt Ureegung datt an Zukunft, méi Stroossen a Plazzen den Numm vun enger Fra solle kréien.






Nei Gefierer fir eis Gemeng

LU— De 19. Februar 2021 hat de Schäfferot de Pleséier fir zesumme mat engem Deel vun der Equipe aus dem Atelier, 3 nei Gefierer vum Service Régie ze presentéieren.


Eise Fuerpark ass elo verstärkt duerch e Camion-grue, ee Camion-benne, an e kléngt elektrescht Gefier, dat den Transport vun eisen Arbechter an hirem Material um Kierfecht éinnerstëtzzt.





Neieg- keeten

Am Kapitel "Neiegkeeten" kënnt Dir ë.a noliese wat Neies op de Chantiere vun der Gemeng lass ass an a wéi enge Projeten d'Gemeng Schëffleng involvéiert ass.



Schëffleng am *Fréijoer*

LU Mir passen eise Fotoconcours liicht un a proposéieren lech eng Serie vun deene schéinste Fotoe mam Thema "Schëffleng am Fréijoer". Wat ass fir lech d'Fréijoer? Natur déi erblitt, Déieren, déi waakreg ginn oder zeréck kommen, e Blummegaart oder e Balcon, deen Dir der Saison entspreechend dekoréiert oder an Szene gesat hutt? Mir freeën eis, eise Lieser an dëser spezieller Zäit ze weisen, wat et alles Schéines dobausse gëtt.

Schéckt eis also Äert beschte Bild eran! Mir publizéieren dann eis Favoriten an deem nächsten Newsmag. De Gewënner kritt natierlech, wéi dat sech gehéiert, e klenge Cadeau!

Maacht eis e Mail op scc@schifflange.lu oder markéiert se op [@](#) oder [f](#) mam #schéfflengamfréijoer oder #mirischéffleng.



Hei eng éischt Foto vun eis fir lech an déi richteg Stëmmung ze versetzen.

A lass!

Mir kruten an deene leschte Wochen immens vill a flott Biller erageschéckt zum Thema "Schëffleng am Schnéi". lech all e grousse Merci! **Hei eis 3 Beschtklasséiert:**

1. Mandy Hommel



2. Roby Kieffer



3. Lara Carini



D'Gewënnerin vun eisem Concours gouf kontaktéiert a kritt e Kaddo vun der Gemeng Schëffleng.

Eis aktuell Chantieren



Reewaassernotzung

LU — Am Kader vum Chantier op der Fräheetsplatz huet d'Gemeng e System fir d'Reewaassernotzung fir d'Gemengenhaus ageplant.

Den 28. Januar 2021 ass eng Cuve virun dem Gemengenhaus agesat ginn. Dëse Baseng erlaabt et d'Reewaasser an engem Tank von 20m^3 ze späicherer.

Dëst Waasser gëtt duerno benutzt fir d'Planzen ze nätzen an d'Gemengeplaz ze botzen.

Avancement des travaux de rénovation à l'Hôtel de Ville

FR — Le bon fonctionnement d'une administration moderne nécessite non seulement du personnel bien formé et efficace, mais également des infrastructures adaptées aux besoins de tous les citoyens.

Ainsi, les travaux de rénovation ont commencé en 2018 avec l'aménagement d'un accueil physique à l'entrée principale de l'administration communale. Cette première étape permet depuis, une orientation plus professionnelle et un service au client plus accueillant.

En 2019 la façade de l'Hôtel de Ville a été complètement refaite et la toiture a été rénovée.

Conformément au principe de la charte « Design4All », l'esprit de l'accessibilité pour tous, se reflète encore davantage dans les travaux d'infrastructures actuellement déjà réalisés ou en cours :

- Un ascenseur pour personnes à mobilité réduite (PMR) a été installé à l'entrée principale
- Des portes automatiques ont été installées dans tout le bâtiment
- Une rampe adaptée aux PMR sera installée à l'entrée principale (juillet 2021)

Le réaménagement des alentours de l'Hôtel de Ville a permis de réaliser 11 emplacements de stationnement supplémentaires à l'arrière du bâtiment (rue Aloyse Kayser) et à côté de l'Hôtel de Ville (rue de Hédange), y inclus deux emplacements pour personnes à mobilité réduite et un emplacement réservé aux voitures électriques.

L'installation d'une cuve de rétention pluviale avec une capacité de 20.000 litres d'eau souligne le caractère écologique de ce projet d'envergure.

Les coûts totaux s'élèvent à environ 1,9 millions d'euros. Les travaux seront achevés avec l'installation de la rampe devant l'Hôtel de Ville en juillet 2021.



Esch2022 et le développement durable



«Den Escher Geméisguart» au Galgenberg à Esch-sur-Alzette | Photo: © Emile Hengen



FR — Esch2022 c'est des milliers de visiteurs attendus, 19 communes réparties sur deux pays et quelques mois pendant lesquels Esch-sur-Alzette et la région Sud seront l'un des centres culturels de l'Europe. C'est une occasion rare d'enraciner durablement des bonnes pratiques régionales.

Dans le cadre de l'Agenda 2030 et des 17 objectifs de développement durable des Nations Unies, Esch2022 a donc écrit une Charte de Développement Durable avec le soutien du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement Durable pour donner un cadre à ses projets et évènements. Fruit de la réflexion de nombreux acteurs de terrain, ce document s'articule autour des trois idées principales du développement durable, à savoir l'environnement, le social et l'économie.

La Charte est divisée en deux parties, la première relative aux engagements des porteurs de projet, et une seconde partie relative à Esch2022. En effet, l'objectif est d'accompagner, de soutenir et d'encourager les porteurs de projets, mais également de montrer l'exemple. La Capitale européenne de la culture Esch2022 s'engage donc d'une part à respecter les mêmes engagements pour ses évènements et son fonctionnement, mais également à fournir

une boîte à outils pour appliquer les principes de la charte.

Dans le détail, la charte est organisée autour de six grandes notions: tourisme et lieux de séjour, alimentation et restauration, économie locale et partage, gestion des déchets, accessibilité et mobilité, et enfin, communication et merchandising.

Chaque partie comprend une orientation, des actions à entreprendre, mais surtout des solutions clefs-en-main et des synergies. Par exemple, concernant l'alimentation, trois idées importantes sont mises en avant. Tout d'abord, nous souhaitons travailler avec des producteurs locaux respectueux de l'environnement et des principes du commerce équitable. Ensuite, nous souhaitons lutter contre le gaspillage alimentaire en informant et éduquant sur le sujet, mais également en trouvant des débouchés pour le surplus. Enfin, nous souhaitons mettre en avant les spécificités culinaires de la région Esch2022 pour que les touristes et visiteurs puissent immédiatement identifier les spécialités culinaires.

Présentée le 17 décembre à la presse, la charte sera transmise aux différents partenaires de Esch2022 en janvier 2021. Elle sera dorénavant partie intégrante de la stratégie de Esch2022.

Wäschstatioun fir Vëloen zu Schëffleng

LU — Kierzlech ass déi éischt Wäschstatioun fir Vëloen a Betrib geholl ginn. Se steet um Mäertesbierg niewend dem CAS Terrain: en idealen Ausgangspunkt fir flott Mountainbikestouren.

Ëmweltfréndleche Gratisservice

Fir de Waasserverbrauch ze reduzéieren ass 1 Wäschzyklus op 40 Sekonnen limitiéiert. Duerno muss nees gedréckt ginn.

D'Waasser gëtt mat 40bar Drock verspreet, wat de Waasserverbrauch zousätzlech reduzéiert. Fir de Waasserverbrauch ze kontrolléieren ass e Smart-Waasserzähler montéiert ginn, dee bei iwwerdrienenem Verbrauch eng Meldung verschéckt.

Falls een net genuch Loft oder e Platten an de Pneuen huet, esou kann ee mat der Statioun och nach Loftnofällen.

Fir Abréch oder Mëssbrauch ze vermeiden

Och wann zu Schëffleng de Grondsaz vum "pollueur payeur" be-steet, esou ass dës Wäschstatioun ouni Stongen an ouni Geldmënzen fräi zougänglech. Säitlech un der Statioun ass och nach e Krunn wou jiddereen sech kann säin Bidon vollmaachen.

D'Aarbechte si grësstendeels vun der Gemeng realiséiert ginn.

D'Gesamtkäschte belafe sech op 26.000,-€. Bei engem Subsidium vum Staat vun 33% bleiwen nach 15.000,-€ Käschten fir d'Gemeng Schëffleng ze begläichen.

Weider Wäschstatioune fannt dir zu Esch beim Fola's Terrain, dem Ellergronn oder zu Diddeleng, Käl a Bieles.


An zum Schluss nach ee flotte Link, fir déi, déi sech nach net esou gutt bei eis auskennen:

<https://www.visitluxembourg.com/de/ansicht/vtt/redrock-mountain-bike-trail-lallengerbierg>

<https://www.visitminett.lu/de/redrock-mtb-trails>







Save the Date

Eis Rubrik "Save the date" ass am Moment natierlech net evident ze fëllen. Hei e puer Datumer, wou an deenen nächste Méint eppes leeft - dat natierlech wann di sanitär Situatioun et erlaabt.



27.04 – 22.05

Schëfflenger Konschthaus:

Homo Ludens

Exposition des artistes Patricia Lippert, Pascale Behrens et invités



03.07

Wanderung duerch d'Fiichtgebitt "Dumontshaff" mam Fierschter

9h00-11h00 Parking Hall Polyvalent

1999 si grouss Deeler vum Uelzechtdall als Natura 2000- Gebidder declaréiert ginn, dozou och déi Wisen téschent dem "Dumontshaff" an der "Lamescher Millen".

Doropshin ass 2004 d'Uelzech renaturéiert ginn, wat eng immens Opwäertung vum Fiichtgebitt bruecht huet. Désweideren huet sech, duerch eng Ganzjoeresbeweedung mat Gallowayen op enger Fläch von +- 40ha, eng ganz speziell an héichwäerteg Flora a Fauna um Site ugesidelt. Et ass och en Tréppeltour ronderém d'Gebitt ugueluecht ginn an deen wollte mir mat lech goen. Do kritt dir dann déi néideg Explikatiounen, é.a. iwwert déi lescht Aarbechte vun der Renaturéierung vun der Kiemelbaach.

Gutt Schung si recommandéiert.

Umeldunge beim Service de l'Urbanisme et du Développement durable bis den 1. Juli 2021.

sudd@schiff lange.lu
oder Tél.: 54 50 61-330

Sk8ing Girls Extended

<https://linktr.ee/sk8inggirls>

sk8inggirlsexended

sk8ing_girls_extended/



23.04

Aweiung Projet "Stolpersteng"

| Place de la Liberté

12.04. 10.05

Grousse Moart

| Place de la Liberté




Liesen deet gutt!

De Bicherbus kënnt am Joer 2021 folgend Deeg op Schëffleng op d'Place de la Liberté (virun der Gemeng):

**23. Abrëll, 21. Mee, 10. Juni, 2. Juli, 23. Juli, 17. September,
29. Oktober, 26. November an 17. Dezember
ëmmer vun 11.15 Auer bis 11.50 Auer**

Hei fannt Dir Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.
D'Bicher ausléinen ass gratis!





Verschid- dene

Hei fannt Dir interessant a wichteg Informatiounen zu deene verschiddensten Themen, deelweis och fir erauszerappen an auszefällen.





D'VOLLEKSZIELUNG 2021: OPRUFF UN D'RECENSEUREN

D'Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 an d'Reglement (CE) n°763/2008 vum europäesche Parlament schreiwen all 10 Joer eng allgemeng Vollekszielung vir.

Déi lescht Vollekszielung huet 2011 stattfonnt, an hat den 01. Februar 2011 ugefaangen. Opgrond vun der Covid-19 Pandemie ass d'Vollekszielung vum Joer 2021 vum 01. Februar op den 01. Juni verréckelt ginn.

Zu dësem Zweck mécht d'Schéfflenger Gemeng en Opruff fir Recenseuren z'engagéierë fir dës Missioun ze erfëllen.

Wat sinn dem Recenseur seng Aufgaben?

- D'Vendeéle vun dem Questionnaire un déi Haushalter déi net schonn iwwert MyGuichet deelgeholl hunn.
- D'Asammele vun de verdeelte Questionnairen bei den Haushalter déi hire Questionnaire net direkt un de Statec oder d'Gemeng geschéckt hunn.

Fir dat Recenseuren hiren Aufgabe kënne gerecht ginn, fënnt fir all Recenseur eng Onlineformatioun statt. Bleift och nach ze bemierken dat fir all Recenseur, genee ewéi am Joer 2011, eng Indemnitéit fir hir Aarbecht ausbezuelt gëtt.

Si Dir also interesséiert, da schéckt eis w.e.g. dëse Coupon bis den 30. Abrëll 2021 zréck un:

Administration communale de Schiffange
B.P. 11
L-8801 Schiffange

Numm:

Virnumm:

Gebuertsdatum:

Beruff:

Adress:

Telefon/GSM:

E-mail:

Schéffleng, den / /

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse dpo@schiffange.lu

(Ënnerschrëft)



RECENSEMENT DE LA POPULATION 2021 : APPEL AUX RECENSEURS

La loi communale du 13 décembre 2988 ainsi que le Règlement (CE) n°763/2008 du Parlement européen prévoient un recensement général de la Population tous les 10 ans

Le dernier recensement a eu lieu en 2011 et avait débuté le 1^{er} février 2011. Cependant en raison de la pandémie le recensement de cette année a été décalé du 1^{er} février au 1^{er} juin 2021.

A cet effet l'administration communale de Schifflange se propose d'engager des agents recenseurs pour accomplir cette mission.

Quel est le rôle d'un agent recenseur ?

- Distribuer les questionnaires papier (uniquement aux ménages n'ayant pas répondu par MyGuichet).
- Collecter les questionnaires papier (uniquement les ménages n'ayant pas transmis leur questionnaire directement au Statec ou à la commune).

Afin que chaque recenseur puisse accomplir au mieux sa mission, une formation en ligne aura lieu pour chaque recenseur. Il reste à souligner que pour chaque recenseur, tout comme en 2011, une indemnité sera accordée pour sa participation.

Si vous êtes intéressé(e)s, nous vous prions de nous retourner le coupon ci-après avant le 20 avril 2021, à l'adresse suivante :

Administration communale de Schifflange
B.P. 11
L-8801 Schifflange

Nom :

Prénom :

Date de naissance :

Profession :

Adresse :

Téléphone/GSM :

Email :

Schifflange, le / /

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse dpo@schifflange.lu

(Signature)

youthmag

N 260 | AVRIL 2021



Fir Kanner a Jugendlecher.
—
Dës 8 Säiten
könnt dir
erausrappen!
—

D'Jugendhaus stellt sech vir
Aktivitéite vum SNJ
Jugendinfo: Tu n'es pas seul*e!
Luxembourg Science Center

02

05

06

07

D'Jugendhaus stellt sech vir

LU De 25 Januar 2005 huet d'Schëfflenger Jugendhaus ènnert der Leedung vum Jacques Welter seng Dieren opgemaach. Wärend 16 Joer huet de Jacques d'Jugendhaus ganz staark gepräagt an zesumme mat èmmer rëm neie Jonken an Educateuren di Plaz zu deem gemaach wat et haut ass. Den 1ten Januar 2021 ass de Jacques an seng wuelverdéngte Pensioun gaangen, woubäi en dem Jugendhaus awer nach erhale bleift an d'Equipe weiderhin tatkräfteg énnerstëtzzt, andeems hien dem CA (Conseil d'administration) bïäigetrueden ass. Mir als Equipe sinn immens vrou doriwwer a wäerten eis bescht maache fir d'Jugendhaus genau esou gutt weiderzeifeieren ewéi de Jacques dat all déi Joer gemaach huet.

Wat ass d'Jugendhaus da lo genau?

D'Jugendhaus ass eng Plaz fir all Jonke vun 12 bis 26 Joer. Wärend den Ëffnungszäite ka jiddereen era kommen, ouni sech mussen am viraus unzemellen. Du kanns hei Kicker, Billard, Ping Pong, Darts, Balanceboard a vill verschidde Geellschaftsspiller spilleren.

Dann gëtt et och nach eng Kichen, de Bouldersall, den Danz- a Boxesall, an de Kreativraum. Déi eenzel Reim an hier Funktiounen stelle mir dir am nächsten Newsmag méi am Detail vir.

Niewent deem normalen Accueil maache mir och ganz vill verschidden Aktivitéiten / Projeten, ewéi z.B. Snowboardvakanz, Alpin Adventures, MTB Tour, Kanufahrten asw.. Reegelméisseg fanne Jugendversammlungen am JH statt wou all Jonke kann seng Ideeë mat abréngen. Am Newsmag, op eiser Homepage schefflenger-jugendhaus.lu an op eiser Facebook- an Instagram Säit "Schefflenger Jugendhaus" fënns du èmmer Infoen iwwert eisen aktuelle Programm.

E puer Projete sti bei eis fest um Programm a fannen dat ganz Joer iwwer statt. Heizou gehéieren den Outreach Youthwork an de Projet Recyle Planet.

Dann hunn mer normalerweis eist Hochbeet, en Urban Gardening Projet. Dëst Joer fénnt deen ausnamsweis ènnert enger anerer Form statt, an zwar ènnert dem Motto: Flächenbuffet.



D'Equipe vum Jugendhaus, dat sinn:



(vu lénks no riets: Lynn, Janine, Filipe, Patrick, Sarah)

Sarah: Ech schaffe sät 2014 am Jugendhaus. Zäitglächich hunn ech mäi Bachelor fir den Accompagnement specialisé gemaach. Studéieren a niewebäi ze schaffe war eng wichteg Beräicherung fir meng Aarbecht. Scho wärend dem Stidium wousst ech dat ech weiderhi wéilt mat Jonke schaffen an hei zu Schéffleng am Jugendhaus bleiwen. Déis Aarbecht déi d'Jugendhaus mécht huet och mäin Privatliewe beräichert a gepräagt: ech hunn geléiert ze entschleunegen an d'Natur ze genéissen. Och klammen huet d'Jugendhaus mir méi no bruecht. Virun allem d'Klammen am Fiels gefält mir richteg gutt. Doniewent maachen ech privat gäre Yoga a wëll mech och formériere fir dat mat de Jonke kenne gemeinsam ze maache well ech gemierkt hunn wéi gutt dat engem am Alldag deet. Am Kontakt mat de Jonke probéieren ech hinne mat vill Toleranz a Verständnis ze begéinen. D'Jugendhaus soll fir si eng Plaz si wou se sech wuel llen an sech austausche kennen ouni Angscht ze hunn jugéiert ze ginn.

Patrick: Zénter 2018 bekümmeren ech mech em den Outreach Youth Work. Kuerz drop hunn ech och am Jugendhaus ugefaangen ze schaffen.

Natur a Sport hunn mech émmer duerch mäin Liewe begleet. Ech fuere vill Vélo a bedreiwen och gären aner Sportarten an dat am léifsten an der Natur. Niewent Sport sinn ech vun Handwierk an Agrikultur begeeschtert. Nohaltegheet ass hei d'Devise. Et geet dréms, der Natur oder dem Planéit eppes erém ze ginn, fir dat wat mir vun hinnen huelen.

Filipe: Moien Alleguer! Mäin Numm ass Filipe Rodrigues an ech sinn 29 Joer al. Am Joer 2013 hunn ech e Service National Volontaire hei am Jugendhaus gemaach dee fir mech perséinlech e groussen Afloss a meng Perséinlechkeet hat. Am Juni 2018 sinn ech als Educateur agestallt ginn an ech si ganz begeeschter hei mat iech meng Erfarung als jonke volontaire an elo als Educateur kënnen ze deelen. Wéi jid-deree weess dee mech kennt: ech sinn e grousse Vélosfan an Natur-passionéiert.

Janine: Ech sinn elo zénter 2012 Educatrice am Schéfflenger Jugendhaus. Ech sinn direkt no menger Ausbildung an d'Jugendhaus komm, well mech d'Aarbecht mat de Jonke schonn émmer interesséiert a begeeschter huet. Niewent dem Accueil bitt d'Jugendhaus vill verschidde Projet'en un, verschiddener dovu fannen an der Natur statt. Dat ass och eent vu mengen Hobbyen: vill an der Natur sinn, wou ech mech ganz gär mat Planzen a Kraider befaassen.

Doniewent ziele liesen, kënschtleresch Tätegeeten awer virun allem d'Musek zu mengen Hobbyen. Ech spille vill verschidden Instrumenter a sange ganz gären.

Lynn: Säit dem 15. September sinn ech am Jugendhaus. Ech maache meng Erzéier Formationen am LTPES (Lycée pour professions éducatives et sociales). De Beruff vum Erzéier ass deen, deen ech schonn émmer wollt maachen an dowéinst freeën ech mech iech dëst Joer kennenzeléieren a flott Aktivitéité mat iech ze maachen. Ech si säit iwver 11 Joer Scout an hunn esouwuel hei d'Formationen gemaach ewéi och d'Formationen Animateur B an déi vun der Peer-Mediation. Molen, bastelen a meng Fantasie erausloosse sinn och Saachen déi mir ganz vill um Häerz leien an déi ech oft applizéieren.

Wat sinn déi eenzel Projet'en?

ReCycle Planet | ReCycle Planet ass e Projet vum Jugendhaus a riicht sech un Schéffleng mee awer och u ganz Lëtzebuergesch. Wärend dem éischte Konfinement war alles zou, och d'Jugendhaus. Et gouf net vill ze maachen ausser eleng oder mat der Famill spadséiere goen. Dofir hunn mir eis geduecht dass et wichteg wier e Service unzubidden deen d'Leit dobäi énnerstëtz fir hire Vélo selwer ze flécken an deen näischt kascht. Eise Projet proposéiert participativ Vélos Atelieren a gratis Reparaturen. Dësen, op Nohaltegeek baséierende Projet, hat déi lescht Méint émmer méi Succès a mir wäerten en och nach weider ausbauen. Jiddeen ass wéllkomm fir mat sengem Vélo an d'Jugendhaus laascht ze kommen.

Outreach Youth Work | Am "Outreach Youth Work" geet et drëms Jugendlecher téschent 16 a 25 Joer, déi sech op der Sich no Schoulescher- oder no Professioneller Tätegkeet befannen, ze beroden, ze motivéieren, ze begleeden an ze encouragéiere fir zu Tätegkeet iwwer ze goen.

Iwwert Aktivitéiten a Projete gëtt mat de Jonken zesummen un hire Kompetenze geschafft, fir si op hirem Wee an an hirem neien Challenzen ze stärken.

Den Outreach Youth Work bitt do derniewent och Begleedung op RDV'en, bei den Administrativen Demarchen ewéi och Énnerstëtzung bei der Verfassung vun enger Lettre de motivation, dem CV. a villes méi. Wéinst der Aktueller Situatoun lafen all Treffen iwwert RDVen. Bei weider Froe kënnt dir iech gär bei mir mellen.

Weider Informatiounen iwwert mech an den Outreach Youth Work fannt dir op menger Facebook Säit "Patrick Outreacher".

Projet "Urban Gardening", dëst Joer énnert dem Motto:

Flächenbuffet | Dëse Projet war schonn d'lescht Joer virgesinn, en huet awer duerch déi Sanitär Pandemie net konnte stattfannen. Fir dëst Joer hunn mir awer wéilles dee Projet an eisem Hochbeet duerchzefeieren.

Mam Flächenbuffet wölle mer veranschauleche wéi vill Akerland ee brauch fir ee Kebab respektiv ee vegetaresche Sandwich ze produzéieren.

Eist Hochbeet steet dann, fir ee Joer, dem Public net méi als Urban Gardening zu Verfügung, mee als Vitrinn / Demonstratioun vun deem wat op eisen Teller kënnt.

De Projet gëtt an Zesummenarbecht mat Colabor, AMST an der Émweltkommissioun organiséiert, a viséiert d'Sensibilisatioun vun eisen lessgewunnechten, mee och de ganze Prozess vum Konsum, Platz, Energie an Zäit déi ee muss opbréngé fir eng eenzeg Portioun op den Teller ze bréngen.

An zum Schluss...

Mir sinn och émmer vrou iwwert Réckmeldung zu eisen Aarbecht, Ideeën, a Proposen. Dofir hunn mer lo ganz nei eng "Ideeëkscht" virum Jugendhaus. Du kanns eis awer och gär iwwer Mail oder déi sozial Medien e Message hannerlossen oder einfach am Jugendhaus laanschtkommen.

Mir gesinn eis am Jugendhaus,
Sarah, Janine, Lynn, Patrick a Filipe.

Mir hunn och op Nofro vun de Jonken d'Éffnungszäite vum JH ugepasst.

**Dënschdes - Donneschdes: 14h00 – 19h00
Freides: 16h00 – 22h00 | Samschdes: 14h00 – 19h00**

All 1^{ten} Samschdeg vum Mount maache mer schonn um 11h00 op an da gëtt zesumme gekacht a giess an dono fénnt eng Aktivitéit statt.

Aktivitéiten

snj Service National de la Jeunesse



Päischtcamp

24. – 25. Mäerz zu lerpeldéng

Alter: 8 – 12 Joer

Participatioun: 126.-€

LU Nach ass kee Summer mee dofir ginn zu lerpeldéng awer schon Zelter opgeriicht. Zesumme mat denge Kollege kanns du hei während 6 Deeg e flotte Camp verbréngé mat Spill, Sport an Hike. Wann s de och Loscht hues an der Päischtvakanz eppes ze erliewen a Spaass ze hunn, da bass de hei genee richteg. Mir freeën eis op dech!

Cinopolis

24. – 25. Mäerz zu Mariendall

Alter: 12 – 15 Joer

Participatioun: 185.-€

LU Wélls du och wéi den Jack Sparrow, d'Lara Croft oder den Harry Potter an all Kino bestaunt ginn? De Cinopolis mécht aus dir deen nächsten Hollywood-Star! Erlief selwer mat wat et heescht op der Bün ze stoen an ee Schauspiller ze sinn. Ergräif deng eemoleg Chance op ee gëllen Oscar a sief dobäi wann de Cinopolis seng Dieren opmécht. "The show must go on".

Umeldung: agenda.snj.lu



Tu n'es pas seul*e !

FR Des services d'écoute et de consultation sont là pour toi!

Tu es inquiet? Tu te poses plein de questions? Tu te sens seul?
Tu as urgemment besoin d'un renseignement?

Sache qu'en ces temps troublés des services d'information et de consultation restent à ton écoute. Certains des services ci-dessous traitent tous types de questions générales, d'autres sont plus spécialisés sur une thématique.

La confidentialité de l'échange est garantie! N'hésite donc pas à contacter le service compétent, surtout si tu n'as personne à qui parler!

Informations générales

Service Jugendinfo (ANIJ)

Tél.: 29293-200

jugendinfo@anj.lu

www.jugendinfo.lu

Kanner-JugendTelefon:

LU, ME, VE: 17h00 – 22h00

MA, JE: 14h00 – 22h00

SA: 14h00 – 20h00

Tél.: 116 111

  KJT

Tu trouves toutes les adresses utiles dans la rubrique santé sur Jugendinfo.lu



Jugendinfo.lu



Service psycho-social et d'accompagnement scolaires – SePAS

Service socio-éducatif - SEE

Psycho-sozial an edukativ Begleedung a Berodung fir Schüler aus dem Secondaire

Kanner-Jugendtelefon - 116111

Anonym a vertraulech Hëllef vu geschoultem Personal per Telefon (och owes a weekends) a per Chat - www.kjt.lu

Helpline 8002-9393

Psychologesch Berodung an Ënnerstëtzung, och an der Famill dohem, op Rendez-vous iwwer de CePAS an den ONE.

www.cepas.lu / www.officenationalenfance.lu

De CePAS bitt Weiderbildunge fir d'Fréierkennung a geschützt Gesprächsräumen an der Klass souwéi och zu de Berodungsservicer fir Enseignanten iwwer den IFEN un.

www.cepas.lu

E grousse Merci fir Är Hëllef an Äert Engagement!

LË GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
de l'Enfance et de la Jeunesse





Luxembourg Science Center

Eng Entdeckungsrees fir Grouss a Kleng

LU — Eng Faszinatioun fir Wëssenschaft & Technologien

Wéll dir Weekends, oder an der Vakanz ee spannenden Dag mat der Famill oder Kollegee verbréngen? Dann ass de Luxembourg Science Center genau déi richteg Platz. Et ass eng faszinant Entdeckungsrees fir Grouss a Kleng un Wëssenschaften an Technologië méi no ze bréngen, an dat op enger interaktiver Aart a Weis.

Dir kënnt eis all Dag zu Déifferdeng besichen (10-15min vu Schéffleng mam Auto). De Planning vun ärer Visitt, Sanitär Mesuren, souwéi och d'Reservatioune fannt dir op eiser Websäit: www.science-center.lu

Spektakulär an onvergiesslech Science Shows

Bei eis kënnt dir och u ville verschidde Science Shows deel huelen: Elektrizitéit, Magnetismus, Gravitatioun, Feier, KicheLabo, Optesch illusioonen an nach vill méi. All eenzel Show kann op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch oder Englesch virgestallt ginn.

Ee groussen Exploratiounsraum mat iwwer 70 Experimentierstatiounen

An eisem groussen Exploratiounsraum kënnt dir mat iwwer 70 Experimentierstatiounen interagéieren: Géint ee Roboter Kicker spinnen, déi gréisste Plasmakugel entdecken, een Auto mat enger Hand ophiewen an nach weider Iwwerraschungen. All Statioun huet sain Touchscreen mat Deskriptiounen op Lëtzebuergesch, Franséisch, Portugisesch, Däitsch an Englesch.

Luxembourg Science Center

50 rue Emile Mark, L-4620, Differdange

Reception: +352 28 83 99 1

Email: reception@science-center.lu

www.science-center.lu

**B.P. 11 Avenue de la Libération
L-3801**

info@schifflange.lu
www.schifflange.lu





Affaire suivie par :

Service de l'urbanisme et du développement durable
E-mail : sudd@schifflange.lu
Tél. : (+352) 54 50 61 - 330
Fax : (+352) 54 50 61 - 339

COMMANDE DE BOIS DE CHAUFFAGE POUR L'ANNÉE 2021

Strictement réservé aux habitants de la Commune de Schifflange !

L'administration de la nature et des forêts, représentée par M. Sannipoli Daniel, préposé forestier du tirage de Kayl, en collaboration avec l'Administration communale de Schifflange vend du bois de chauffage au prix de 48.- € / stère.

CES PRIX SONT MAJORÉS COMME SUIT :

- Livraison à domicile (dans la commune uniquement) : 20 € / course
- Découpe à 50 cm : 12.- € / stère
- Découpe à 33 cm : 14.- € / stère
- Découpe à 25 cm : 16.- € / stère

Toutes nos prix s'entendent TTC (pour le bois 8% TVA, pour livraison et découpe 17% TVA). Le bois provient de la forêt communale de Schifflange et est issu d'une gestion forestière durable. Il s'agit de bois frais qui devra être stocké pendant une année minimum avant l'utilisation. L'achat de bois de chauffage est limité à 4 stères par logement.

Pour la commande, prière d'utiliser le bon ci-dessous et de le renvoyer à :
Administration Communale de Schifflange, B.P. 11, L-3801 Schifflange.

Je soussigné(e) []
demeurant au n° [] , rue [] à L- [] Schifflange
Tél. : [] GSM : []
souhaite commander [] stère(s) de bois.

100 cm (La découpe 100 cm ne peut être offerte en 2021 en raison du bois disponible !)
 Livraison

DÉCOUPE : 50 cm 33 cm 25 cm
PAYEMENT PAR DOMICILIATION : Oui Non

Schifflange, le [] / [] / []

Les données recueillies dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse dpo@schifflange.lu

(Signature du demandeur)

Impfcampagne: Den Office Social hëlleft lech



LU Wéi kënnt Dir e Rendezvous fir d'Impfung huelen: den Office Social hëlleft!

1. Dir kritt eng Invitatioun mat engem Code per Post Heem geschéckt
2. Mat désen Code kënnt Dir online ee Rendezvous huelen (www.covidvaccination.lu). Dofir hutt Dir eng Woch Zäit.

Wann Dir Schwierigkeiten hutt, de Rendezvous online ze huelen, kënnt Dir lech beim Office Social Schéffleng mellen.

Tel.: 54 50 61- 800/807

D'Équipe vum Office Social Schéffleng kann lech bei den Démarchen énnerstötzen.

DE Wie können Sie einen Termin zur Impfung vereinbaren: das Sozialamt steht Ihnen zur Seite!

1. Sie erhalten per Post eine Einladung mit einem Code
2. Sie müssen diesen Code verwenden um online einen Termin zu vereinbaren (www.covidvaccination.lu). Dafür haben Sie eine Woche Zeit.

Wenn Sie Schwierigkeiten haben, einen Termin online zu vereinbaren, können Sie sich beim Office Social Schiffingen melden

Tel.: 54 50 61- 800/807

Die Mitarbeiter des Office Social Schiffingen können Sie unterstützen.

FR Comment pouvez-vous prendre un rendez-vous pour vous faire vacciner ?
l'Official Social est à vos côtés !

1. Vous allez recevoir une invitation par courrier avec un code unique
2. Vous devez utiliser ce code pour prendre un rendez-vous en ligne (www.covidvaccination.lu).
Vous avez un délai d'une semaine.

Si vous avez des problèmes pour prendre un rendez-vous en ligne, n'hésitez pas à contacter l'Office Social de Schiffange.

Tél.: 54 50 61- 800/807

L'équipe de l'Office Social de Schiffange peut vous aider avec les démarches.

Ob beim Einkaufen, im öffentlichen Transport oder an anderen Orten:

BEUGEN SIE TRICKDIEBEN VOR!



Wir raten:

- Handtasche stets geschlossen und nicht außer Acht lassen;
- Wertsachen in Innentaschen aufbewahren, nicht in der Gesäßtasche;
- Sich nicht von fremden Personen berühren oder umarmen lassen;
- Notieren Sie Ihre PIN-Codes nicht auf Bankkarten und verwahren Sie die Geheimcodes nicht im Geldbeutel;
- Schützen Sie sich beim Zahlen oder bei Geldabhebungen vor neugierigen Blicken.

Generell gilt: Vorsicht wenn Fremde sich annähern. Trick- und Taschendiebe arbeiten mit Ablenkungsmanövern, um unbemerkt an Ihre Wertsachen zu gelangen!



Info Sexting

FR — Nu(e) sur le net? Un guide pour tout savoir sur le «sexting»

La ministre de la Justice, Sam Tanson, et le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, ont présenté le 26 janvier 2021 un guide pour sensibiliser aux dangers du «sexting».

L'envoi et l'échange de messages, de selfies ou de vidéos amateurs intimes est un phénomène qui prend de l'ampleur, selon les professionnels qui travaillent auprès des jeunes. Le sexting entre jeunes peut avoir de nombreuses raisons: plaire à son petit ami, prouver son courage, céder à la pression de groupe...

La circulation de ces images intimes, sans l'autorisation de celle ou de celui qui est représenté, peut avoir des conséquences psychologiques dévastatrices sur les victimes.

Ce guide de sensibilisation s'adresse aux jeunes mais aussi aux parents, aux enseignants, aux éducateurs et aux professionnels de la police et de la justice.

La campagne de sensibilisation prévoit un clip vidéo et un outil de travail pour les enseignants, à venir.

Il peut être téléchargé sur le site bee-secure.lu ou men.lu.



DE — Nackt im Netz? Ein Ratgeber über „Sexting“

Das Justizministerium und das Ministerium für Bildung, Kinder und Jugend haben am 26. Januar 2021 einen Ratgeber vorgestellt um auf die Gefahren des „Sexting“ aufmerksam zu machen.

Du hast ein Foto oder Video mit einer Person geteilt, die es ohne deine Erlaubnis mit anderen geteilt hat? Dieser Ratgeber zeigt dir, wie du sofort handeln kannst, um mit dieser Situation und deren Auswirkungen gut umgehen zu können!

Was ist Sexting? Unter „Sexting“ versteht man das Verschicken und den Austausch intimer Nachrichten, bzw. selbstproduzierter Fotos und Videos. Diese werden meist über Messenger-Dienste oder soziale Netzwerke verschickt. Ob als Liebes- oder Vertrauensbeweis, zur gegenseitigen Erregung, als Mutprobe oder Flirt, es gibt vielerlei Gründe für „Sexting“.

Selbst wenn ein Bild/Video kurz nach dem Upload wieder gelöscht wird, kann dieses zwischenzeitlich bereits hundertfach kopiert und auf anderen Webseiten veröffentlicht oder an Chatgruppen verschickt worden sein. Sexting birgt diverse Risiken (bspw. Erpressung, Image-Schaden und Cybermobbing).

Die Sensibilisierungskampagne umfasst einen Videoclip und ein Arbeitstool für das Lehrpersonal.

Der Ratgeber ist auf der Website bee-secure.lu oder men.lu abrufbar.

Minett UNESCO Biosphère : les journées de la biodiversité



FR — Qu'est-ce que la biodiversité : « c'est la vie sous toutes ses formes : espèces animales et végétales, habitats et écosystèmes ainsi que leurs caractères génétiques. »


Malgré la surface réduite de notre territoire, le Luxembourg possède une biodiversité considérable et des paysages variés dû à une diversité géologique et microclimatique importante. Cette biodiversité est en déclin depuis plus de quarante ans, au niveau des espèces, des habitats et des écosystèmes. Ce déclin est directement lié au développement des agglomérations et des zones commerciales, ainsi qu'à l'intensification de l'agriculture¹. Il est donc important de l'apprécier et la protéger.

Du 3 au 6 juin 2021 Pro-Sud s'associe avec l'ANF, le Natur Musée, LIST, Sicona, IMS Luxembourg et la Ville d'ESCH pour organiser les journées de la biodiversité. Ces journées sont dédiées à différents groupes cibles (entreprises, écoles et citoyens) afin de sensibiliser un large public. Mais aussi, les scientifiques vont procéder

à un bioblitz : une étude sur une portion bien précise de terrain pour mener pendant une journée un inventaire biologique. L'objectif est d'identifier et de répertorier toutes les espèces d'organismes vivants qui sont présents dans une zone donnée ; cette année au centre de nature et forêt d'Ellergronn.

De fin mai jusque début juin c'est le meilleur moment de l'année pour observer les richesses de notre nature. Nous souhaitons engager tous les citoyens de la Minett UNESCO Biosphère à participer à un « bioblitz MUB » entre le 22 mai et le 6 juin. PRO-SUD lancera une campagne d'information autour de l'utilisation de l'application iNaturalist. C'est un réseau mondial de « citizen science » (sciences citoyennes). Le but est de partager des observations de la biodiversité au niveau mondial.

Il suffira de télécharger l'application mobile iNaturalist.org qui est disponible pour iOS et Android. Quand vous ouvrez iNaturalist pour la première fois, vous serez guidé pour créer votre compte d'utilisateur et pourrez faire votre première observation ! Une observation se fait via le téléchargement d'une photographie d'un organisme vivant sauvage, donc non-cultivé (un insecte, une fleur, un papillon, etc.). L'application vous suggérera des espèces visuellement similaires et vous pouvez en sélectionner une si elle correspond. Dès que votre observation a été téléchargée, d'autres membres de la communauté d'iNaturalist se chargent d'identifier et de vérifier votre observation (à l'aide de votre photo). Une observation est considérée scientifiquement valable si deux personnes lui attribuent la même identification.




¹ source : <https://environnement.public.lu/fr/natur/biodiversite.html>



AKTIOUN PÄIPERLEK 2021

GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN
FÜR IHREN GARTEN!



Im Rahmen der Aktioun Päiperlek hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen jetzt als **Staudenpaket bei SICONA gratis bestellen**. Rufen Sie uns an unter der Nummer **26 30 36-25** oder schreiben Sie uns eine kurze Nachricht mit **Namen, Adresse, Telefonnummer** und dem **Betreff „Staudenpaket bestellen“** an **corinne.camuse@sicona.lu**. Bitte geben Sie in jedem Fall auch den **Standort** an, wo Sie Ihr Staudenpaket abholen möchten. Die Verteilung erfolgt Anfang Mai an folgenden Standorten von **17:00 Uhr bis 19:30 Uhr**:

- **04.05.2021:** Schiffingen, Parkplatz Hall Polyvalent, rue Denis Netgen
- **04.05.2021:** Bissen, Parkplatz Gemeinde, 1, rue des Moulins
- **04.05.2021:** Olm, Parkplatz SICONA, 12, rue de Capellen

